

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir
Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„An der Uertschaft Groussbus ass rezent un der Strooss fir op
Baaschtnech (CR 306) tëscht Groussbus a Gréiwels geschafft
ginn. De Belag ass provisoersch gefléckt ginn, ma e fiert sech de
Moment net gutt.*

*Aus deem Grond wollt ech den Här Minister fir Mobilitéit an
öffentlech Aarbechten Folgendes froen:*

- *Gëtt et méttlerweil e Projet, deen eng Erneuerung vun
dësem Streckenofsnëtt virgesäit?*
- *Wa jo, wat wier de Käschtepunkt dovunner an a wat fir
engem Mooss misst d'Gemeng sech dorunner finanziell
bedeelegen?*
- *Wéini kéinten dës Aarbechte spéitstens ufänken?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu